

Rapport vun der Ëmwelt-Kommissioun vum 17.01.2024

Punkt 1: Presenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Lesch Luc	Pesch Serge (entschëllegt)	Maryse Leiner (Sicona)
Losch Gilles	Wirtz Pit (entschëllegt)	
Malherbe Louis		
Quazzotti Luca		
Sedrani Catherine		
Stocco Mauro		
Vosman Joske		
Winandy Tom		
Wirtz Pascal		

Punkt 2: Validatioun vum Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 9.11.2023

De Rapport vun der Kommissiounssëtzung vum 9.11.2023 gouf unanime ugeholl.

Punkt 3: Naturpakt

D' Naturpaktberoderin Maryse Leiner vum Sicona huet der Kommissioun den Naturpakt virgestallt. Heibäi handelt et sech em ee Katalog mat 77 Mesurë fir den Artenschutz an d' Erhale vun der Biodiversitéit, deen a 6 Haaptthemen opgedeelt ass:

- Naturschutz allgemeng

- Siidlungsraum
- Oppeland
- Bësch
- Waasser
- Kooperatioun a Kommunikatioun

D'Gemeng ass 2022 dem Naturpakt bäigetrueden an huet 2023 een éischten Audit maache gelooss wou 46,95% vun de Punkten erreecht goufen. Soumadder huet d'Gemeng d'Basiszertifizéierung vu 40% direkt beim éischten Audit erreecht. Déi nächst méiglech Zertifizéierung wiere Bronze bei 50%, Sëlwer bei 60% a Gold bei 70% vun de Punkten.

Duerno ass d'Maryse Leiner mei spezifesch op déi eenzel Punkten agaange wou ons Gemeng nach Potenzial huet fir Mesuren ëmzesetzen. Beim Diskutéiere vun eenzelnen Punkte ware mir an der Kommissioun der Meenung dass vereenzelt Mesurë schonn an der Gemeng existéieren a beim Audit net um Radar waren. Dofir freet den Tom Winandy, mam Accord vum Schäfferot, fir de kompletten Audit kënnen ze kréien, sou kënne mir als Kommissioun konstruktiv um Naturpakt weiderschaffen.

Punkt 4: Projet Schoulgaart

De Gilles Losch huet d' Kommissioun iwwert de Projet Schoulgaart deen entwéckelt soll ginn informéiert. No enger éischer Entrevue um Schoulcampus mam Aarbechtsgrupp „ Nohaltegkeet an Natur“ deen sech aus Membere vum Léierpersonal an der Maison Relais zesummesetzt gouf festgehalten dass den Aarbechtsgrupp hir Iddie fir de Schoulgaart an den Amenagement vun dem verfügbaren Terrain solle sammelen.

Et gouf festgehalten dass deen Moment kéint Kommissioun och hiren Input gi wat een an dësem Projet am Sënn vum Naturpakt kéint mat ëmsetzen.

Punkt 5: Grouss Botz

Den Datum fir d' Grouss Botz ass op den 23 Mäerz festgeluecht ginn, a soll vun der Koll zu Bruch fortgoen. D' Organisatioun vun der Grousser Botz gëtt an der nächster Kommissiounssëtzung beschwat. Dofir invitéiert de Gilles Losch de Syndicat d'Initiative vun Tënten an déi nächst Kommissiounssëtzung vue que dass Si déi Joren virdrun och un der Organisatioun bedeelegt waren. Den Tom Winandy reservéiert op der Gemeng d' Koll fir deen Dag.

Punkt 5: Verschiddenes

Déi nächst Kommissiounssitzung ass de 7 Februar um 19 Auer 30 am Gemengerotssall zu Tënten.